... europäesche Parlamenter. Wann dat nämlech de Fall gewiescht wär, da wär et och vläicht méi klor ginn, wat d'Ausso vun deem Zitat ubelaangt dat hei a Lëtzebuerg an enger Zeitung stoung a sech op d'Aussoe vun engem franséische Parlamentarier aus der Assemblée Nationale bezitt. Iwwregens huet dat Zitat, wat och an der Resolutioun vun der LSAP drasteet, net emol ee ganze Saz. Et geet do Rieds vun "Accusons" an da kënnt d'Zitat "des parlementaires acquis aux lobbys financiers d'être rétribués pour le vote".

Wa Gesetzer hei an der Chamber zur Diskussioun stinn, déi d'Finanzplaz beinhalten, da stëmmt d'Majoritéit vun den Deputéierte sou ee Gesetzestext, wéi zum Beispill geméinlech d'ABBL-Virschléi gestëmmt ginn, well gesot gëtt: Dat ass am Interesse vun eiser Finanzplaz an dat ass am Interesse vun hei oder vun do. "Rétribués pour le vote", wat heescht dat? Firwat fir ee Vote? "Rétribués pour le vote", bezitt dat sech net vläicht op eist Reglement, wou jo gesot gëtt, datt d'Presenz hei nëmmen da rétribuéiert gëtt, wann een och um Vote deelhëlt.

(Interruptions)

Ah, ma jo. Ech weess et net. Ech wëll nëmmen ...

M. Jeannot Krecké *(LSAP).-* Här Bisdorff, ech weess net ob Dir iergendwou geléiert hutt, Saache sou ze verdréien. Mengt Dir wierklech dat dote wär vun deene sou gemengt? Dat ass dach kee Cabaret, dat heiten.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Ech wëll domat soen, datt déi Ausso net klor ass, mä et ass emol guer net sécher, datt se sou gemaach ginn ass. Ech hätt mer gewënscht, datt hei iwwert de Bericht "Montebourg" diskutéiert gi wär, an zwar iwwert den Inhalt vun deem Bericht, well dat eppes wär, wat dës Assemblée eppes ugoe géif, an net déi eventuell Aussoen, déi iergendee gemaach huet op enger Pressekonferenz.

M. le Président.- Den Här Ben Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot *(LSAP).-* Här President, fir d'éischt emol muss ech soen, datt ech erstaunt sinn, nee eigentlech war ech blauäugeg, fir ze mengen, datt een iwwert d'Parteigrenzen ewech, als Chamber, als Institutioun, iwwert eist Éiergefill eppes soe kënnt, an dat och nach no bausse soe kënnt. Ech hunn du constatéiert, datt dat natierlech elo op d'parteipolitesch Kar geluegt ginn ass. Dobäi wëll ech awer allerdéngs soen, datt bei där Mission d'information Leit aus alle Parteien dobäi waren, souwuel Liberaler, wéi och RPRen an anerer, déi deene Familljen, déi hei vertratt sinn, och no stinn.

(Interruption)

Dat Zweet wat ech soe wollt ass, datt et kee Verbatim gëtt vun der Assemblée Nationale, wann eng Pressekonferenz an der Assemblée Nationale stattfënnt. Dat ass klor op Réckfro vun der Lëtzebuerger Chamber bei der Assemblée Nationale gesot ginn. Et stëmmt, datt eenzel Leit Saachen opgeholl hunn, an an deem Dokument vum Service Information et Presse steet zum Beispill ganz klor dran, ech zitéieren "D'ailleurs les parlementaires luxembourgeois, tous proches d'ailleurs pour la plupart de la finance et de la banque…".

Dat ass jo awer ganz klor, dass déi Chamber hei als sollech op där Pressekonferenz als der Finanzplaz hörig duergestallt ginn ass.

Ech hunn och keng Ursaach un deem ze zweifelen, wat an där Zeitung stong, un där Seriositéit vun deem Journalist. Natierlech, wa mir net op esou Saache reagéieren ënnert dem Prétexte, dass mir keng materiell Preuve hunn iwwert e Verbatim, da kann ee jo an deem Fall egal wat iwwert d'Lëtzebuerger Chamber an esou enger Pressekonferenz soen.

Ech hunn awer och Verständnis fir déi Problemer, déi eenzel Leit hunn, a géif dann eben déi Resolutioun zréckzéien a kucken, dass mir perséinlech als Fraktioun intervenéiere bei dem President vun der franséischer Fraktioun vun de Sozialisten an der Assemblée nationale.

Nach eng Kéier muss ech bedaueren, dass dës Chamber net als Corps, net als Institutioun de Courage huet, fir sech géint esou Accusatiounen ze verdeedegen.

M. le Président.- D'Resolutioun vum Här Fayot ass zréckgezunn.

Als nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4892 virgesinn. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Nico Loes.

10. Projet de loi 4892 relatif à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'un ensemble immobilier dans le cadre de l'extension du Lycée classique de Diekirch

Rapport de la Commission des Travaux publics

M. Nico Loes *(CSV), rapporteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, grad wéi de Gesetzesprojet iwwert den Housener Wëldpark an den Domän vum Château vu Betten op der Mess, déi mer muer diskutéieren, geet et och bei deem heite Projet de loi ëm Depassementer, déi mir am Kader vun den Aarbechte vun dem Dikrecher Kolléisch mussen nostëmmen.

De 6. Februar 1996 hu mir an der Chamber de Projet de loi 4067 diskutéiert, dee sech mat dem Ausbau vum Dikrecher Kolléisch befaasst huet. Dëse Gesetzesprojet huet am Artikel 2 d'Investissementer fir den Ausbau, de Réaménagement an d'Moderniséierung vum Dikrecher Kolléisch an der Héicht vun 1,5 Milliarde Frang festgehalen.

Am Ufank sollt dëse Projet sech op 2,3 Milliarde belafen, woubäi ronn 600 Millioune fir de Bau vun engem neien Internat op dem Site vun dem Lycéesgebai virgesi waren. Obschonn dass dësen Neibau aus dem Projet erausgeholl ginn ass, hat dëst seng Inzidenz op de gesamte Projet.

E kuerzen Historik vum Dikrecher Kolléisch, ouni elo ze vill wäit anzegoen. Déi éischt Gebailechkeete vun dëser Schoul ware fir Militärzwecker gebaut ginn a goufen eréischt am Laf vun der Zäit fir Schoulzwecker ëmfunktionéiert.

1965 konnten d'Schüler an deen éischten Ausbau anzéien, an am Joer 1967 ass dat aalt Gebai duerch e weideren Ausbau vergréissert ginn. 1996 gouf, wéi gesot, deen drëtte groussen Ausbau vum Dikrecher Kolléisch hei décidéiert.

Firewech wollt ech kuerz op d'Antécédentë vun dem Projet agoen, deen den 19. Dezember 2001 vun der Mme Bauteministesch Erna Hennicot-Schoepges deponéiert ginn ass. An der Kommissiounssitzung vum 22. November ass den Text enger éischter Analys ënnerzunn an och ee Rapporteur genannt ginn. Den Avis vum Statsrot vum 11. Dezember 2001 ass an der Sëtzung vum 17. Januar 2002 diskutéiert ginn. Net méi spéit wéi den 31. Januar vun dësem Joer huet d'Bautekommissioun de schrëftleche Rapport duerchgeholl an adoptéiert.

Den technesche Fortschrëtt mécht net virun de Schouldieren Halt. Bien au contraire! Wann ee sech d'Statistiken iwwert den Informatikpark an eise Schoulen ukuckt, esou kënne sech d'Beméiunge vu Lëtzebuerg weise loossen, well mir un der Spëtzt leien. D'Statistike vun der OECD a vun der Europäescher Kommissioun beleeën, dass dräi Schüler sech haut ee Computer deelen an dass eng Internetkonnexioun op fënnef Schüler kënnt. Am Kader vun e-Lëtzebuerg stinn ambitiéis Projeten am Unterrichtswiesen um Leescht. De Cartable électronique an den Internetportail "My school" sollen hei nëmmen als zwee Beispiller ugefouert sinn.

Et ass wichteg, dass eis Schüler a Studenten op d'Informatiounsgesellschaft préparéiert ginn. De Schoulen an dem Léierpersonal kommen do Schlësselfunktiounen zou. D'Informatiounstechnologieë breede sech verstäerkt an allen Domäner vum alldeegleche Liewen aus. Den Dikrecher Kolléisch wëllt sech dëser Erausfuerderung konsequent unhuelen. Dofir brauch de Lycée eng multifunktionell Salle audiovisuelle, déi eng ganz Panoplie u Funktiounen iwwerhuele soll, déi sech, ugefaange beim Enseignement vum Prepress a vun der Communication visuelle iwwert d'Photographie an den audiovisuelle Medien bis hin zu engem adequaten Ëmgank mam Internet erstrecke sollen.

En zweete Volet begräift en internen Informatiounssystem, deen duerch d'Ubréngen an d'Opstelle vun enger ganzer Rei Ecranen an de Gebailechkeete vum Dikrecher Kolléisch déi all un een Zentralcomputer ugeschloss sinn, iwwert d'Horairen an d'parascolaire Aktivitéiten opkläert.

Ee leschte wichtege Volet ass d'Transformatioun vun der Salle polyvalente an een Theatersall. D'Direktioun vum Lycée weist zu Recht drop hin, dass den Theatersall deen eenzegen ass, deen zu Dikrech ass, an dass den Theatergrupp aus dem Dikrecher Kolléisch een aktive Grupp ass mat permanent bemierkenswäerte Performancen. Een neien Theatersall honoréiert an dësem Kontext ouni Zweifel de Succès vun der Theatergrupp, déi iwwert d'Grenze vun der Stad Dikrech bekannt ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Gesetz vum 2. Mee 1996 iwwert de Bau vun engem Ensemble immobilier am Kader vum Ausbau vum Dikrecher Kolléisch ass d'Regierung autoriséiert ginn, eng Zomm vun 1,5 Milliarde Frang, haut eng Zomm vu 37,18 Milliounen Euro an Infrastrukture vum klassesche Lycée zu Dikrech ze investéieren. An deem Gesetz waren de Bau vun enger Sportshal un d'Gebai an der Rue Merten, enger sou genannter Aile des sciences um Terrain Lortz, den Ëmbau vun der aler Schoul a vum Internat an der Avenue de la Gare virgesinn.

D'Sportshal ass den Abrëll 1999 ageweiht ginn. D'Aile des sciences ass säit November 2000 en service a weider Transformatiounsaarbechte sinn nach noutwendeg. D'Intandsetzung vun de Gebailechkeeten aus de 60er Joren a vum iwwerdeckte Préau ass aller Viraussiicht no fir d'Schoulrentrée 2002 ofgeschloss. Zu deem Zäitpunkt kéinten d'Transformatiounsaarbechte vun der aler Kasär an dem Internat ugefaange ginn, fir dass fir d'Schoulrentrée 2006 alles op en Enn kënnt gefouert ginn.

Während den Aarbechte koum et zu enger grousser Rei vu Komplikatiounen an dëst un aller éischter Stell um Niveau vun der bestoender Bausubstanz. Do derniewent ass d'Direktioun mat enger Partie neien Demanden un den Unterrichtsministère getrueden. Dës zwou Ursaachen hu mat sech bruecht, dass deen initiale Coût aus dem Gesetz vum 2. Mee 1996 iwwertraff ginn ass.

Wat elo déi supplementar Käschten ubelaangt, esou kann een déi an zwou Kategorien opdeelen:

- Zu engem stinn nach eng ganz Rei vun Aarbechten un, déi nach net realiséiert oder nach net entaméiert gi sinn. Dorënner fält den Aménagement vun enger Salle audiovisuelle vum 4. Stack vum Kolléisch, well am initalen Text vun 1996 war nëmmen eng Mise en état des locaux virgesinn, wéi et am Projet heescht. Hei waren dräi Ateliere virgesinn. Et sinn där awer elo fënnef ginn. Weider ass eng ganz Rei vun aneren Equipementer noutwendeg, fir dëse Sall fonctionnéieren ze dinn. Dës Investissementer géinge méi deier ginn, wann een d'Aarbechten zu engem spéideren Zäitpunkt erëm géing ugoen. Ënnert dës Kategorie vun de Käschte fält och de Câblage fir den Informatiounssystem am Lycée, wou ech virdru gesot hunn, dass eenzel Ecranen géingen opgestallt ginn, fir dass och do d'Schüler kënne guidéiert ginn. Den Ëmbau vum Festsall an en Theatersall mat neie Sëtzer an engem neie Rideau falen och ënnert dës Kategorie. D'Ausstattung mat Computeren an déi noutwendeg informatesch Installatioune mussen an dësem Zesummenhank realiséiert ginn.

Een anere Volet, deen an dës éischt Kategorie fält, ass den Assainissement vun der Bausubstanz aus de 60er Joren,

wou sech am Kader vun den Aarbechten erausgestallt huet, dass dee Beton, deen elo am Gebai ass, och net méi den Ufuerderungen entsprécht an och net méi am Rapport steet mat de Sécherheetsbestëmmungen. Doduerch huet och do missen eng ganz Partie Aarbechten entaméiert ginn.

- An eng aner Kategorie vun den Depassementer vun dem initiale Coût fält d'Acquisitioun vu véier provisoresche Klassesäll, den Ëmbau vu fënnef Klassesäll an der Rue Merten an d'Moderniséierung vun deenen dräi Spezialsäll vun der Physik, der Chemie an der Biologie. D'Erhale vun dem Konferenzsall fir d'Proffe bréngt zousätzlech Käschten, well d'Konstruktiounsentreprise, déi do um Terrain schafft, dee Bau muss ofrappen an dat an zwou Etappe muss maachen, wat erëm zousätzlech Käschte mat sech bréngt.

Fir den Zäitplang vun den Aarbechten an der Avenue de la Gare net ze gefährden, huet missen de Mëttelfligel ofgerappt ginn an doropshin hu misse verschidden Deeler vun dem Internat évacuéiert ginn a während der Schoulvakanz am Juli 1998 erëm astand gesat ginn.

Des Weideren ass enger Demande vun der Ëmweltverwaltung am Kader vun der Kommodo-Inkommodo-Prozedur Rechnung gedroe ginn an zwar esou, dass och ee Basséng gebaut huet misse ginn, fir Läschwaasser ze installéieren, wann eng Kéier eng Katastroph géing virkommen. Architektonesch Adaptatiounen um Mëttelfligel esou wéi déi metalle Fassad hunn zu weidere Käschte gefouert. Bei dësem Punkt muss bemierkt ginn, dass d'Käschte fir de Gros oeuvre och ënnerschätzt goufen.

Dat gesot, wëll ech awer drop hiweisen, dass dem Projet eng Fiche financière bäiläit, wou déi eenzel Posten a Käschten opgefouert sinn an och déi Pläng, déi mir an der Kommissioun gewise kruten, weise wou déi eenzel Käschten hierkommen.

De Projet beleeft sech op ee Montant dee mer nostëmme musse vu 5,26 Millounen Euro. Virdrun huet den Ekonomiesminister gesot, dat wieren 212 Milliounen al Frangen, déi mer zousätzlech stëmme mussen an déi iwwert de Fonds d'investissements publics scolaires gedroe ginn.

Zum Avis vum Statsrot ass nach ze soen, dass en dësem Projet positiv gesënnt ass, an dass e senger Hoffnung Ausdrock gëtt, dass et zu kenge weideren Adaptatioune méi kënnt.

De Verwäis op den Artikel 79 aus der Loi modifiée vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Trésorerie vum Stat ass an der Kommissioun net zréckbehale ginn, well dat initiaalt Gesetz vum 2. Mee 1996 an d'Loi modifiée a sengem Artikel 79 schonn zäitlech éischter gestëmmt gi sinn, esou dass mir deem net brauche Rechnung ze droen, well och näischt un dem Projet virdrun ännert.

An deem Sënn géif ech, Här President, gläichzäiteg den Accord vun der CSV-Fraktioun bréngen, merci soe fir d'Nolauschteren an hoffen, dass mer dësen Zousaz zu dem initiale Gesetz haut stëmme wäerten.

Merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Georges Wohlfart.

Discussion générale

M. Georges Wohlfart *(LSAP).-* Här President, Mme Minister, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen. De Rapporteur, den Här Nico Loes, huet den Historik gemaach vun dem Gesetzesprojet iwwert d'Extensioun vum Dikrecher Lycée.

Mat Satisfaktioun stelle mer fest, dass d'Sportshal scho betriibsfäeg ass zënter praktesch dräi Joer, dass och alles, wat mat Naturwëssenschaften zesummenhänkt, konnt 2000 en service goen a mer elo mat engem neie Projet befaasst sinn, deen drop zréckzeféieren ass, dass eng Rei Problemer opgetaucht sinn, virun allem bei der Transformatioun vu bestehender Bausubstanz, wéi den Här Loes am Detail beschriwwen huet, mä och doduerch dass nei Elementer derbäikomm sinn op Wonsch vun der Direktioun a vum Ministère vun der Education nationale, Ännerungen, déi sech natierlech och bei de Finanzen nidderschloen.

Et ass sécherlech esou, dass deen neien audiovisuellen Deel mat der Sektioun Informatik eng Beräicherung fir d'Schoul duerstellt, eng noutwendeg Beräicherung, dat wëll ech direkt betounen, well wann ee verschidden Aarbechten net gläichzäiteg mat den Transformatiounsaarbechte géif virhuelen, wär dat mat vill méi héije Käschte verbonnen.

Ech mengen, mir sinn eis alleguer eens, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dass am Zäitalter vun der Informatiounsgesellschaft hei eng absolut Noutwendegkeet besteet, fir an alle Schoulen, an net nëmmen zu Dikrech, deem Rechnung ze droen an den Equipement vun de Schoulklassen op de modernste Stand ze bréngen. Ech mengen, do si mer eis all eens. Et ass richteg a gutt esou.

Mä do ass eng Fro, Mme Minister, déi bei ville Projeten ëmmer erëm opdaucht: Déi, firwat an den initiale Programmer net ëmmer alles virgesi war. Ech mengen, et ass sécherlech och Äre Wonsch, dass mer an Zukunft alleguer zesumme versichen, sou vill wéi méiglech de Programm, dee realiséiert soll ginn, deene reellen Ufuerderungen unzepassen, fir dass mer domat vu vireran den Devis esou realistech wéi méiglech gestalte kënnen. Wuelwëssend, dass - wat och den Här Rapporteur gesot huet - beim Ausbau an der Erneierung vu bestehender Bausubstanz Iwwerraschungen ni auszeschléisse sinn. Ech wëll do net nëmmen un Dikrech erënneren, mä un aner Gebaier, déi mer hei an der Stad restauréiert hunn, zum Beispill den LGL an de Lycée technique, wou mer ähnlech Problemer haten.

Mäi Merci geet un de Rapporteur, deen op eng exzellent Aart a Weis hei säi schréftlechen a mëndleche Rapport duergeluegt huet, dee mëndlechen hei op dëser Tribün.

Well mer zu Dikrech sinn, wollt ech awer nach e Wuert iwwert den Internat soen, wat lech, Mme Minister, net wonnere wäert. Mir haten och vill Diskussiounen an der Zäit iwwert de Site vun deem Internat. Ech mengen, dass et sech beweist - am Nachhinein -, dass de Site, dee gewielt ginn ass, an dat an Zesummenaarbecht mat der Stad Dikrech, e gudde Site an och eng gutt Solutioun fir d'Stad Dikrech ass. Meng Fro un d'Mme Minister ass: Wéi steet et mam Timing vun den Aarbechte vun deem Internat? Kann een dovun ausgoen, dass dat, wat mer eis virgeholl hunn, och realistesch agehale ka ginn? Ech mengen, dass mer och alleguer heibannen der Meenung sinn, dass deen Dossier vun der Hotelsschoul, dee virun e puer Wochen hei an der Diskussioun war, och sou schnell wéi méiglech enger zefridde stellender Léisung, wat den Internat ugeet, zougefouert soll ginn.

E Wuert nach zur Nordstad, wat jo Dikrech an Ettelbréck duerstellt. Mir hunn och do nach zwee Suergekanner. Dir kënnt, Mme Minister, sécherlech net haut dorop eng Äntwert ginn. Mä de Lycée technique agricole ass och eng Saach, déi ons un d'Häerz gewuess ass. Déi Schoul ass jo net nëmme fir d'Éislek do, mä fir d'Schüler aus deem Secteur vum ganze Land. An dann ass do och nach de Lycée technique vun Ettelbréck, wou mer schonn 1995 geduecht hate mat der Gemeng zesummen eng Solutioun ze fannen. Ech wëll net an den Detail goen, mä ech mengen, dass et och do dringend noutwendeg ass, eng Solutioun ze fannen. Ech géif dofir plädéieren, dass, egal wou déi Solutioun getraff gëtt, se esou ausfale soll, dass déi ganz Schoul als Lycée technique op engem Site funktionéiere kann.

Dat gesot, Här President, Mme Minister, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech den Accord vun onser Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. Den Här Calmes huet d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir direkt dem Rapporteur fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport ze félicitéiren. Dat erlaabt mir relativ kuerz ze sinn, bei engem Gesetz, wou et ëm eng budgétaire Adaptatioun geet, vum Gesetz vum 2. Mee 1996, wou et ëm d'Extensioune vum Kolléisch vun Dikrech gaangen ass.

Et war e Projet de loi, deen awer schonn de 17. Juli 1995 déposéiert ginn ass. En ass op Grond vun engem Devis gemaach ginn, dee schonn de 17. Januar 1994 gestallt ginn ass, dëst an enger Héicht vun anerhallef Milliarden. Dës budgétaire Adaptatioun beleeft sech op 212 Milliounen an dëst op Grond vun engem Bauindex vum 1. Abrëll 2001. Fir a sech dee Vergläich vun deem Supplément hei ze maachen, misst een de Bauindex vun 1994 kennen. Da géif een och wëssen, dass dee Chiffer vun anerhallef Milliarde jo haut och kee Chiffer vun anerhallef Milliarde méi ass, mä vill méi en héijen. Dee Chiffer ass jo mat engem Bauindex gemaach ginn, deen deem vum 2. Semester 1993 entsprécht. Dee Verglach géif et erlaben erauszefannen, dass dee Supplément vill méi kleng ass, wéi en elo ausgesäit. Wann een elo déi 212 Millioune par rapport zu engem Chiffer vun anerhallef Milliarden hëlt, da wier dat ëmgerechent à peu près 15%. Et sinn awer keng 15%, well jo de Bauindex an der Zwëschenzäit och fir déi anerhallef Milliarden évoluéiert huet. Et wier awer informatiounshalber interessant ze wëssen, wat de Bauindex deemools war.

Et si geschwënn zéng Joer vergaangen, zënter dass dee Projet hei gemaach ginn ass. Dat ass normal. Sou wéi mäi Virriedner dat hei gesot huet, sinn am Laf vun där Zäit Changementer komm. Éischtens sinn an där Zäit eng Partie Komplikatiounen opgetratt, déi geléist hu musse ginn. Zweetens - an dat ass och normal a mënschlech - sinn zousätzlech Demanden an Usprréch säitens der Direktioun vum Lycée un d'Ministèren erugedroe ginn, souwuel un den Educatiounsministère wéi un de Bauteministère, mat dem Ergebnis, dass de Programm huet adaptéiert musse ginn.

Et ass och normal, dass eng Partie Soumissioune méi deier ausgefall sinn, wéi dat am Devis virgesinn ass. Wann een dann de Chiffer vun 212 Milliounen hëlt, da muss een awer soen, datt dat awer ganz raisonnabel ass. Et wier onraisonnabel an onverantwortlech, menger Meenung no, déi Projeten net zum Gudden ze wenden an zum Gudden ze adaptéieren, wann dat sech opdrängt. Hei schwätzt een aus Erfahrung als Buergermeeschter, souwuel wéi als President vun intercommunale Syndicaten. Do ass een och Joer fir Joer mat Augmentatiounen an Adaptatiounen vun deenen Devise geheit, déi ee virun enger Rei Jore geholl huet. Dofir fält et engem méi liicht, dat néidegt Verständnis fir dat hei opzebréngen.

De Rapporteur huet hei d'Geschicht vun deem Projet relatéiert. De leschten Deel vun deem Projet geet eréischt un, wann den Internat bis fäerdeg ass an déi Leit, déi lo am Internat beim Kolléisch sinn, an de Kaseren, wéi dat da genannt gëtt, eriwwer an den neie Pensionat plënneren. Dat ass fir 2006 virgesi gewiescht. Mä mäi Virriedner huet jo d'Fro gestallt, wéi wäit de Bau lo ass. Soit, da gëtt mam Ëmbau eigentlech vun deem ale Gebai ugefaangen. Et ass u sech och dat, wat et dem Dikrecher Kolléisch erlaabt, endlech vu méi Klassesäll ze profitéieren. D'Tatsaach, datt deemools deen éischte Projet vun zwouanengerhalwer Milliard ëmgeplangt, d'Pensionat erausgeholl an doduerch d'Internat mat erageholl ginn ass, huet et erlaabt, dëse Projet senger Zäit schonn ëm véierzéng Klassesäll ze erweideren. Dat ass am Fong geholl och dat Positivt un der Änderung vun dem Projet.

Ech gleewen och net, dass dat hei déi lescht Adaptatioun ass. Bis 2010, wou dee Projet hei fäerdeg wäert ginn, wäerten nach eng Kéier zéng Joer vergoen an ech ka mer virstellen, datt mer nach eng Kéier heiriwwer disku-

téieren. Am Joer 2010 schéngt mer et awer da sou wäit ze sinn, dass dee Projet zu Dikrech sengem Enn entgéint géif kommen. Ech ka mer net virstellen, dass den Dikrecher Kolléisch mat senger Annexe nach eemol ausgebaut kéint ginn, aus deem einfache Grond, dass dee Lycée haut schonn eng 1.600 Kanner huet, an domat schonn e Mammutlycée ass, deen drëttgréissten - mengen ech - am Land. D'Zuelen doriwwer eraus géifen et der Direktioun net méi erlaben, d'Situatioun ze iwwersinn.

An deem Sënn ass et och positiv a gëtt vu mir begréisst, datt eng Virentscheedung geholl ginn ass, an datt vun der Regierung décidéiert ginn ass, ee Lycée ausserhalb der Nordstad am Réidener Kanton ze bauen. Sou wéi ech héieren hunn, kënnt d'Planung vun deem Projet gutt virun. Dat stellt eis op d'mannst zefridden. Dat anert wäert déi Dikrecher zefridde stellen.

An deem Sënn kann ech nëmmen den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet hei bréngen.

Merci!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jean-Pierre Koepp agedroen. Den Här Koepp huet d'Wuert.

M. Jean-Pierre Koepp *(ADR).-* Här President, Mme Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll um Ufank vu menger Ried dem Rapporteur villmools merci soe fir säi Rapport, deen en eis de Mëtteg hei virgedroen huet.

Bei den Debatten am Joer 1996 hat den ADR dem Ausbau vum Dikrecher Lycée seng Zoustëmmung ginn, mat der Hoffnung, datt dee Projet séier virugeet. Ech hat deemools a menger Ried och vum Pensionat geschwat an dorop higewisen, datt den Hotel du Midi am Gespréich war als Internat fir d'Schüler aus der Hotelsschoul. Ech hat gesot, dass déi Transaktioun virum Ofschloss géif stoen. Abé, elo si scho sechs Joer vergaangen an et ass näischt geschitt. Déi katastrophal Zoustänn am Internat vun der Hotelsschoul hu mir virun e puer Wochen an der Televisioun gesinn. Ech hoffen, dass mir dee Problem esou séier wéi méiglech léisen.

Haut debattéiere mir iwwert den Ausbau vum Dikrecher Lycée, iwwert eng Adaptatioun budgétaire. Mat deenen Aarbechte kënne mir als ADR averstane sinn. Ech bedauere just, datt zwee Drëttel vum Budget fir d'Dépassementer vum initiale Projet virgesi sinn. Ënnert anerem geet Rieds vun zousätzlechen Ufroen, vu verschidde bauleche Schwieregkeete bei dëser aler Konstruktioun an engem méi héije Käschtepunkt bei de verschiddene Konstruktiounen. Ass et net dem Ingénieur seng Roll fir dat am Viraus, virun den Aarbechten, ze iwwerpréiwen? Bei deenen héijen Honorairen ass dat dat mannst, wat ee verlaange kann. Och am neie Projet sinn erëm 24 Millioune fir Honoraire virgesinn, dat ass ee Sechstel vum ganze Projet. Mir fannen dat zimlech vill an ech erlabe mir d'Fro ze stellen, ob dat net heiansdo iwwerdriwwe gëtt. Mir als ADR sinn awer der Meenung, dass dës Aarbechte ganz noutwendeg sinn a sou séier virugoe mussen, wéi méiglech. Dofir wäerte mir dëse Projet och stëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff *(déi Lénk).-* Mir diskutéieren also hei a solle stëmmen eng Erhéijung vum Käschtepunkt vun engem Schoulbau zu Dikrech. Een Zingtel vun där Erhéijung vum Käschtepunkt gëtt ervirgeruff duerch d'Sanéierung vun engem Albau, an zwar duerch déi Eisebetonskonstruktioun vun deem Bau aus de 60er Joren.

An der Architektur ass et wéi an anere Beräicher och: Et gëtt Modeerscheinungen. Während Joren huet all Konstruktioun Sichtbetonbauweis si mussen, mat deene Konsequenzen, déi mir haut ze droen hunn. Duerch eng relativ schlecht Ausféierung a wann d'Arméierung ze no bei der Aussenhaut ass, ass déi net déck genuch, fir de Stol, d'Arméierung ze passivéieren; duerch déi basesch Eegeschafte vum Zement - besonnesch ervirgeruff duerch de saure Reen - trieden da Korrosiounen an der Arméierung op. Déi deent sech aus a sprengt de Beton erof.

Eng aner Modeerscheinung, déi mer och an eise Konstruktiounen, wat Schoulen ubelaangt, haten, ass den Hiewebuedem an de Schwemmen. Wann ee gesot huet, dass dat Problemer mat der Hygiene géif ginn, da war ee Retardataire. Haut ginn déi Hiewebiedem, eben aus dësen hygienesche Grënn, alleguer erausgehäit.

Déi Stolbetonbrécken, déi och während Jore gebaut gi sinn, musse mat risege Geldopwendunge sanéiert ginn. Zu där Zäit war d'Stolbauweis och scho bekannt. Wa se systematesch ugewandt gi wär, hätt ee sech e ganze Koup vun deene Sanéierungen do erspuere kënnen. Dat heite bréngt mech also nach eng Kéier dozou, besonnesch och an eisem Land, aus der Siicht vun der Stolindustrie hier, fir dofir ze plädéieren haaptsächlech d'Stolbauweis unzewenden. Mir kéinten eis domadder vill Onannehmlechkeeten hanneno erspueren.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Mme Renée Wagener.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Merci, Här President, wéi mer dee Projet hei 1996 fir d'éischt gestëmmt hunn, du hate mer e Käschtepunkt virleie vun 1,5 Milliarden. Haut gi mer gebieden, nach eng Kéier 212 Millioune nozestëmmen. Et kann ee sech sécherlech verschidde Froen iwwert dëse Projet stellen.

Wann ee sech d'Chiffere genau ukuckt, wéi sech déi nei Käschte verdeelen, da gesäit een, dass e groussen Deel an den Ausbau vun engem internen Informatikréseau, quasi engem Intranet geet, an och aner Uwendungen am Multimediaberäich, déi sécherlech wichteg sinn. Hei kann ee sech natierlech d'Fro stellen, ob net misst, iwwert déi heite Schoul eraus, méi global Programmer vu Moderniséierung am informatesche Beräich vun eise

Lycéeën a Lycées techniques konzeptuell erschafft an och ëmgesat ginn.

Doniewent steet dann och den Ëmbau vum Festsall an dem Theatersall an den Assainissement vun de Betonselementer un, deen elo schonn hei ernimmt ginn ass. Déi dräi Aspekter maache fir sech scho 60 Milliounen aus. Dat sinn ëmmerhin 28% vun deem ganze Montant, dee mer hei sollen nostëmmen, esou dass ee sech e bëssen d'Fro ka stellen, ob mer et hei wierklech nëmme mat engem Dépassement ze dinn hunn. Déi Dépassementer selwer sinn och duerch Changement de programme entstanen.

Do stellt sech fir eis

1. d'Fro vun der Qualitéit vun där éischter Programmatioun, déi mer 1995/1996 hei virgeluegt krut hunn. Wéi ass et méiglech, dass do awer esou Feelaschätzunge komm sinn, well dat erkläert sech net nëmmen duerch déi 60 Milliounen, déi mer souzesoe fir nei Projeten ausginn?

2. Et stellt een och fest, dass mer hei am Fong eng ganz Batterie vu verschiddenen Aspekter zesummegestallt krut hunn. Et kann ee wierklech net soen, dass dat eng klassesch Adaptation budgétaire vun engem gestëmmtene Projet wär an dass hei einfach nëmme misst nogestëmmt ginn, well alles méi deier ginn ass. Mä et kann ee feststellen, dass zu engem groussen Deel nei Inputer sinn, déi mer solle finanzéieren.

M. Nico Loes *(CSV), rapporteur.-* Dofir hu mer jo d'Gesetz an zwee Voleten opgedeelt.

Mme Renée Wagener *(DÉI GRÉNG).-* Et ass richteg, Här President, dass de Projet an zwee opgedeelt ass, déi eigentlech Dépassementer an déi nei Aspekter. Trotzdeem stellt sech awer d'Fro, ob een dann net hätt missen op de Wee goen, fir e regelrechten neie Projet ze presentéieren, an dee Moment och, wéi de Statsrot et monnéiert huet, mat enger Fiche financière, déi net dobäi wor.

Doriwwer eraus wëlle mir hei als Gréng natierlech betounen, dass mir inhaltlech averstane si mat der Noutwendegkeet vun deene verschiddenen Elementer, déi nodreeglech nach solle kommen, mä formal hu mer trotzdeem e liicht ongutt Gefill, wa mer dëse Projet wäerte matstëmmen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Bauteministesch, d'Mme Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, *Ministre des Travaux publics.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt der Kommissioun, hirem President an och dem Rapporteur merci soen, datt et méiglech war, esou kuerzfristeg esou vill Projeten op den Ordre du jour ze kréie vun dëser Chamberwoch.

Et ass munches ugeschnidde ginn, wat natierlech eng Äntwert verlaangt, an ech géing fir d'éischt op d'Programmatioun kommen.

Mir wësse ganz genau, datt d'Programmatioun am Ufank vum responsable Secteur gemaach gëtt, sief dat de Ministère vun der Educatioun oder dee vun der Famill, an datt de Bauteministère op Grond vun där Programmatioun seng Planung mécht.

Elo kann ee soen, bei dësem Projet Dikrech ass d'Programmatioun net gutt gemaach gewiescht 1995. Et war net virgesi bei deem komplizéierten Ëmbau vum Dikrecher Lycée, de Festsall matzemaachen. Et war virgesinn, de Festsall zu engem spéideren Zäitpunkt ze erneieren, well mir jo leschten Enns och der Schoul eng staark Hypothéik ginn, well an engem Schoulgebai restauréieren, währenddeem de Betrib leeft, ass ëmmer ganz schwiereg, an dat brauch dofir och vill méi laang Zäit, a mat alle Rahmebedéngungen, fir nei Klassesäll provisoresch opzestellen, ass et och en zousätzleche Käschtepunkt. Et ass also eng Prozedur, déi ech net gutt fannen an déi ech menger Kolleegin Unterrechtsministesch och net géif uroden. Et ass vill méi einfach, en neit Gebai ze plangen an net handicapéiert ze si mat engem Ëmbau, wou de Schoulbetrib muss lafen.

Leider geet et heiansdo net anescht an esou war et och hei. Et war also net virgesinn, dee Festsall matzerenovéieren. Da wier et selbstverständlech en neie Projet de loi ginn zu engem spéideren Zäitpunkt, wou mer dann de Festsall renovéiert hätten.

Elo huet et sech awer erausgestallt, datt iwwerdeems wou d'Aarbechte virugaange sinn, de Beton esou schlecht war, datt dat eréischt während de Bauaarbechten zum Virschäi komm ass. Ech mengen, et wier jo awer vu Muttwëll gewiescht, wa mer net dee Moment dovu profiéiert hätte fir de Festsall ze erneieren.

Mir wëssen och, datt déi Schoul eng ganz aktiv Theatergrupp huet, esou datt deen Investissement dem Wonsch vun der Schoul selbstverständlech entsprécht. Dobäi koum, datt mëttlerweil dee Volet technologique évoluéiert ass. Ech mengen, dat wat 1995 vläicht up to date war, ass 2002 op engem aneren Niveau. An deem Sënn ass déi nei Demande vun engem neie Programm fir nei Aktivitéiten, déi vun dem Unterrechtsministère un eis erugedroe ginn ass, mat an déi Ëmbauaarbechten agepaakt ginn, déi fir de Festsall virgeholl hätte misse ginn. Et ass also eng Adaptatioun, déi sech der Aktualitéit pliéiert, déi weist, datt och de Bauteministère flexibel op d'Demande vun de Clientë reagéiert.

Dat gesot, ass et natierlech esou, datt bei der Analys vum Dépassement, dat hei keen Dépassement ass. Ech hunn dat och net esou considéréiert. Et ass eigentlech keen Dépassement vun deem Devis. Et ass au contraire en neie Montant an en tant que tel hätt ech eigentlech net misste virun d'Chamber kommen, wann ech dee Montant isoléiert kucken, well et ass net deen, deen an der Verfassung steet. Et ass net déi Gréissenuerdnung. Elo kann een dat kucke wéi ee wëllt. Ech maachen dat esou, wéi Dir et gären hätt.

Et ass an dësem Fall gewënscht ginn, et soll als Dépassement proposéiert ginn. Ech hunn dat gemaach. Elo ass dat och erëm eng Kéier net gutt. Dat ass awer egal. Ech si frou, wann ech déi Kreditter hei gestëmmt kréien, an ech sinn och bereet, op den Dibbelche genau grued ze stoe fir all künfteg Dépassementer, déi nach wäerte kommen. Well ech mengen, den honorablen Här Calmes huet déi richteg Analys gemaach. Dee seet, den Devis ass vun 1994. De Projet ass vun 1995. Wéi ass et mat der Héichrechnung vum Bauindex?

Do warnen ech awer dofir, datt mer net solle béides matenee vermëschen, well wa mer de Bauindex vun där 1,5 Milliard héichrechnen, da musse mer jo wëssen, datt dat fir de ganze fäerdege Projet muss duergoen. An deem Sënn kann een also net soen, de Bauindex ass an d'Luucht gaangen, esou datt déi 212 Milliounen eigentlech keen Dépassement wieren. Ech géif dat léiwer trennen a soen, mir rechnen de Bauindex héich fir dat, wat nach am lafen ass, wat jo fir 2006 soll fäerdeg gestallt sinn, an dann hu mer hei zousätzlech Gelder kritt, fir deen neie Programm der Schoul esou séier wéi méiglech zur Verfügung ze stellen.

Wat d'Internat zu Dikrech ugeet sollen d'Terrassementsaarbechten am Mäerz fäerdeg sinn an am Abrëll 2002 kënne mer ufänke mam Gros oeuvre. Dat heescht, et gëtt domat gerechent, datt den Internat fir 2004 fäerdeg ass. Ech sinn och do mam Här Wohlfart der Meenung, datt dat e Projet ass, deen eis jo hëlleft dee Moment 2004 dann d'Schüler aus dem jetzegen Internat ze délogéieren an dann do weider ze renovéieren. Et huet allerdéngs an deem Sënn net direkt eppes ze di mam Internat vun der Hotelsschoul, an do verweisen ech op déi Äntwert, déi ech dem Här Koepp op seng Question parlementaire ginn hunn, wou jo de Bauteministère net fir alles responsabel ass. Ech mengen, d'Fro vun deem Hôtel d'application huet laang genuch an de Käpp ronderëm gedréint an ass hin an hier gaangen, bis op eemol dann d'Feller fortgeschwomme sinn andeems deen Hôtel net méi ze kafe war, deen dofir virgesi war. Dat ka kengem vun deenen zoustännege Ministeren an d'Schong geschott ginn.

Wat de Problem Beton ugeet, weess ech, datt den Här Bisdorff Expär an där Matière ass an datt mer natierlech eis gäre beléiere loossen. Ech wëll awer och dobäi soen, datt sech grad an deem Beräich vum Beton eng gréisser Recherche hei am Land installéiert huet, mat enger Entreprise, déi um Beton ganz fortschrëttlech schafft an datt mer och wäerte mussen de Beton als e Material vun eiser Zäit gesinn, an zwar an enger ganz neier Form, dee besser al gëtt an deen domat eigentlech an der Architektur och seng Plaz wäert hunn an der Zukunft.

Déi Fro, déi nach gestallt ginn ass, wat d'Sitë vun deenen anere Schoulen an der Nordstad ugeet, do erënneren ech drun, datt d'Mme Unterrechtsminister hir Vue vun der Gréisst vun engem Lycée ganz kloer duergeluegt huet. E Gebai soll net iwwer 1.500 Schüler erausgoen. Mir sinn elo scho beim Lycée technique vun Ettelbréck iwwer déi Zuel eraus. Mir hunn des Weideren awer d'un commun accord festgehalen, datt d'Ackerbauschoul soll do bleiwe wou se ass.

Bleift awer nach eng Plaz ze fanne fir d'Internat vun Ettelbréck. Et bleiwen nach ëmmer Problemer am Raum Nordstad, wou ech hoffen, datt se séier kënne geléist ginn, fir datt mer och do déi schoulesch Infrastruktur kënnen up to date bréngen.

Här President, ech soen allen Deputéierten, déi dëse Projet stëmmen, merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lexture vun den Artikele vum Projet de loi 4892 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen dann elo of iwwert de gesamte Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet de loi sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Satner, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, M. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler (par M. Ady Jung) et Claude Wiseler.

Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Georges Wohlfart), Mme Lydia Mutsch (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Jos Scheuer (par M. Jean Asselborn), Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jean-Pierre Klein).

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

MM. François Bausch (par M. Robert Garcia), Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

M. Aloyse Bisdorff.

Domat wiere mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um halwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.17 heures)